N°1510
Entrée le 10.12.2024
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Fro n°1510 vum 13. November 2024 vum honorabele Deputéierte Här Dan Hardy**

**Ad 1)**

Lëtzebuerg, ewéi vill aner Länner, as der Meenung dass Taipei sollt kënnen, als Observateur un technesche Reunioun an der WHO deelhuelen, am vollen Respekt vun der "*One China Policy*".

**Ad 2)**

Lëtzebuerg bleift, am Aklang mat der EU-Politik, der "*One China Policy*" trei. Mir erkennen also d'Regierung vun der Volleksrepublik China als déi eenzeg Regierung vu China un. Zur selwechter Zäit hunn d'EU an hir Memberstaaten och wirtschaftlech a kulturell Relatioune mat Taipei. Lëtzebuerg wäert weiderhin mat Taipei an deene Beräicher zesumme schaffen.

**Ad 3 )**

Vu dass Lëtzebuerg, wei all EU Member, Taipei net als onofhängege Staat unerkennt, kënne mer si net als vollwäertege Member vun der WHO oder Interpol ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel